Butzen am Bësch

Den 27 Mäi 2015 hunn sech aus den Haiser vun Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. 190 Butzen tëschent 18 Méint an 6 Joer op den Wee mat Bussen, Autoen, Camionnetten an zu Fouss gemaach vir an den Bësch op Consdorf ze goen. Do haten nämlech den Spillmobil vun Young Caritas an eng Rei Benevoler zesummen mat verschiddenen Mataarbechter aus den Maison Relais´en, Crèchen an Foyer de Jouren vun Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. en flotten Site präparéiert wou Alles sech em "spillen an entdecken am Bësch" gedréint huet. An engem Zelt goufen si erwaart an an Empfang geholl an eng Kéier un wichteg Regelen vir den Openthalt am Bësch erënnert. Op engem riichten Wee wou den klengen Butzen hier Been net ze midd ginn sinn goufen et op 14 verschiddenen Statiounen Spiller ze entdecken déi den Kanner d´Natur an hirer Vilfalt méi no bréngen sollten. Natierlech kennt bei esou Aktivitéiten ewéi Naturmaterial zesummesichen an en Bild um Buedem leen oder iwwert niedereg Seelkonstruktiounen déi zwëschent den Beem gespaant ginn sinn d´Bewegung net ze kuerz. Awer och Musik maachen mat Materialien aus dem Bësch an d´Déieren aus dem Bësch entdecken an nomaachen sollten Statiounen sinn déi den Kanner Freed maachen sollten an gläichzäiteg si eppes iwwert d´Natur léieren sollten. Op den Statiounen vum Bulli drätschen an domadder en Fändel molen oder aus Leem en Déier formen war et awer deem engen oder deem aneren Kand ze vill an et wollt sech net onbedéngt knaschteg maachen. Den ganzen Dag konnten d´Kanner spillen an entdecken an zesummen mat den hiren Begleeder bei

e bëssen méi frëschen Temperaturen den Dag ausserhalb vun den véier Maueren genéissen.

Verschidden Kanner hunn sech esou vill drungedoen dass si no dem Picknick ënnert fräiem Himmel hei mëtten am Bësch och hier Mëttesrascht gemaach hunn.

Bei esou vill Freed an Matwierken vun den Butzen haten och déi grouss hiren Spaass an wäerten sécherlech dat nächst Joer sech erëm en flotten Dag iwwerleeën vir deenen Klengen eppes Extas unzebidden.



Sauerzeidung N°39 Juli 2015